

Lëtzebuerg kann houfreg op seng Vergaangenheet sinn. D'Entdeckung vum Eisenäerz an der éischter Halschent vum 19. Joerhonnert huet de Grondstee fir eng rasant wirtschaftlech a sozial Entwécklung geluecht. Bannen nëmmen zwou Generatiounen huet Lëtzebuerg et fäerdeg bruecht, sech vun engem Agrarstaat zu enger Industrienatioun, an dann zu enger Wirtschaft baséiert op Servicer z'entwéckelen, déi zu de leeschtungsfäegsten a räichsten op der Welt gehéiert. Dës eemoleg wirtschaftlech Errungenschaft huet et méiglech gemaach, der Bevëlkerung ee Liewensstandard an ee Sozialsystem z'erlaben, dee senges gläiche sicht. Och wann d'Öffnung zu Europa an zur Welt, a Kombinatioun mat enger iwuerluechter Diversifizierungspolitik, aus Lëtzebuerg ee Virbild gemaach huet, steet eist Land haut virun enger decisiver Weichstellung.

D'Welt verännert sech mat enger rasanter Geschwindegkeet an d'Erfolger aus der Vergaangenheet gi net méi duer fir d'Entwécklung an de Wuelstand an de nächste Joeren z'assurieren. Den extensive Wirtschaftswuesstem, op dee Lëtzebuerg an der Vergaangenheet gesat huet, ass längerfristeg net ze droen a kann zu gesellschaftlechen an ökologeschen Ongläichheete féieren. Wa Lëtzebuerg seng Success Story wëll weiderféieren, muss et sech der Verännerung stellen an se als Chance gesinn, fir sech nei ze erfannen. All Bestanddeel vun der Gesellschaft muss mobiliséiert gi fir no vir ze goen a fir dass mir weiderhin an engem inklusivem an attraktivem Ëmfeld liewe kënnen.

D'Aussichte vu Lëtzebuerg fir muer hänken a grousssem Mooss vun de gesellschaftlechen a politeschen Entscheedunge vun haut of. D'Erausfuerrunge vum Land si villfälteg: d'Kris vum Logement, den ëffentlechen Defizit, de Chômage, den ökologesche Foussofdruck, d'Diversifizierung vun der Wirtschaft, d'Vilfalt vun de Sproochen, d'Zesummeliewen, den Enseignement, déi demographesch Entwécklung... Wann eist Land dës Erausfuerrunge wëll bewältegen an den zukünftege Generatiounen déi Liewensqualität wëllt ubidden, déi déi haiteg Generatiounen genéissen, da sinn eng laangfristeg Reflexioun, Visioun an Ambitioun onëmgänglech.

D'Initiative 2030.lu wënscht sech an enger zukünfteger Gesellschaft ze liewen déi op folgend fundamental Wäerter a Prinzipien opgebaut ass:

- Politesch, juristes, economesch, ecologesch a sozial Gerechtegkeet;
- Gläichen Zougang fir all Bierger zu bezuelbarem a qualitativem Wunraum, zur Informatioun a zur Formatioun am Sënn vun enger privater a beruflecher Verwierklechung;
- Solidaritéit tëschent Aarm a Räich, wéi och tëschent de Generatiounen vun haut an deene vu Muer;
- Uwendung vun de Prinzipien vun der nohalteger Entwécklung bei der Gestiou vun den natierlechen, energeteschen a wirtschaftleche Ressourcen;
- Oppe Bezéiunge mat der Groussregioun, Europa an der Welt, a Kollaboratioun bei europäeschen an internationale Projet'en vu gemeinsamen Intressen;
- Promotioun vun der Innovatioun an alle Beräicher vun der Gesellschaft.

D'Iwwerdroung vu dese Prinzipien op dat politescht, wirtschaftlecht, soziaalt an d'kulturellt Liewe kann et Lëtzebuerg erméiglechen, dass d'Matbierger alleguer an der Dignitéit an enger inklusiver Gesellschaft liewe kënnen, déi eng Grondofsécherung fir all Bierger garantéiert, an an där d'Disparitéiten just nach kënnen bestoe wéinst den individuellen Effort'en a Kontributiounen zum gemeinsame Wuelbefannen a Wuelstand vun der Gesellschaft.

## **Sech zesumme verännere fir eng besser Zukunft**

Eng Visioun fir d'Joer 2030 mat engem méi gerechten, equilibréierten a nohaltege sozioeconomesche Modell kann net ouni Mentalitéitswiessel a ouni Verännerung vun de Liewensgewunnechten ëmgesat ginn. Dofir encouragéiert 2030.lu all Persoun, där d'Zukunft vum Land um Häerz läit, an hirem alldeeglechem, professionellem a privatem Liewen, un de Zilsetzung vum Manifest matzeschaffen. Dofir lancéiert 2030.lu een Appel fir d'Verännerung andeems se déi politesch Responsabel opfuert, d'Visioun vun engem méi gerechten a méi couragéierte Lëtzebuerg ëmzesetzen.

## Zesummen, haut agéieren fir no vir ze goen

Fir dës Visioun vun engem méi gerechten, méi couragéierte Lëtzebuerg, d'Visioun vun engem Lëtzebuerg, wat méi zouversichtlech ass a senger Méiglechkeeten a säi Schicksal méi an de Grapp hält, wat méi performant a sengen Aktiounen gëtt a méi unternehmeresch ass, froe mir:

1. ëffentlech Institutiounen, déi an der Lag sinn, d'Zukunft vum Land an eng laangfristeg Perspektiv ze setzen an ze gestalten;
2. een Integratiounsmodell an ee Wahlsystem, deem all Persoun, déi zum Wuelstand an der Diversitéit bäidréit d'Méiglechkeet gëtt, un der gesellschaftlecher Debatt souwéi un de politeschen Decisiounen deelzehuelen;
3. eng Valorisation vun de gesellschaftleche Partizipatiounsmodeller op alle Niveau'en vum Liewe mam Zil méi Transparenz an den ëffentlechen Handlungen ze garantéieren;
4. eng Immigratioun an eng demographesch Entwécklung déi der Integratiounskapazitéit souwéi eisen Infrasstrukture Rechnung droen;
5. eng responsabel Gestiou vun de Staatsfinanze mam Zil, um Enn vun all Legislaturperiod een equilibréierte Budget opzestelle mat gläichzäitegen Investitiounen an Infrastrukturen, déi un d'Lëtzebuurger Gesellschaft ugepasst sinn;
6. eng Gestiou vun de Ressource vum Land, déi de Prinzipie vun der nohalterger Entwécklung an der Regeneratiounsfähegkeet Rechnung droen;
7. eng Landesplanungs- a Logementspolitik, déi all Bierger een Zougang zu enger bezuelbarer Wunneng opmécht;
8. eng ëffentlech Verwaltung, déi unternehmeresch, sozial a kulturell Projet'en ënnerstëtzt a facilitéiert;
9. een Educatiounssystem, deem der demographescher a sproochlecher Vielfalt vum Land Rechnung dréit an deem all de Jonken dee selwechten Zougang zu enger qualitativ héichwäerteger Ausbildung gëtt, déi hinnen den Aarbechtsmaart opmécht;
10. ee wirksamen a méi cibléierte Sozialschutz, dee nohalteg a laangfristeg finanzéierbar ass an deem op Kritäre vun der Preventioun vu Krankheeten duerch eng gesond Liewensweis an Ëmwelt berout an deem et erlaabt, deene Leit déi et am meeschten néideg hunn, eng qualitativ héichwäerteg Betreieung ze garantéieren;
11. Moossnamen, fir d'Pensiouns- a Fleeegesystemer méi gerecht a méi nohalteg ze gestalten andeems hier laangfristeg Finanzéierung geséichert gëtt mam Zil, Konflikter tëschent de Generatiounen ze verhënneren;
12. eng aktiv Solidaritéit fir den Aarmut zu Lëtzebuerg an am Ausland ze bekämpfen;
13. eng Opwärtung vum Effort, vum Wëssen, vum Savoir-faire a vum Entrepreneursgeescht an alle Beräicher vun der Gesellschaft: der Wirtschaft, dem Zesummeliewen, dem Enseignement, der Kultur...

Dëse gesellschaftlechen Asaz a gemeinsam Aktiounen wäerten zum néidege Wandel bäidroen dee mer onbedéngt brauche fir eis d'Land no vir ze droen. Lëtzebuerg ass prett fir Verännerungen. Zesumme kënnen mer no vir goen fir d'Erausforderungen unzegoen an zesumme kënnen mer eng besser Zukunft fir eis all gestalten. Dat ass eis Ambitioun fir d'Zukunft!

